



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°7704 vum
3. Mäerz 2023 vun den éierewäerten Deputéierten Martine Hansen, Léon Gloden a Max Hengel
iwwert "Tarifs de rachat du biogaz"**

**Huet d'Regierung geplangt, d'Käschtestruktur vun de Biogasanlagen ze analyséieren an
d'Tarifkatioun vun der Gasaspeisung unzepassen?**

Am Joer 2020 huet de Ministère fir Energie a Landesplanung eng wirtschaftlech Analyse vun deenen dräi besteende Biomethananlagen duerchgefouert. D'Resultater vun dëser Analyse sinn als Basis genotzt gi fir am Kader vun der nationaler Biogasstrategie d'Tariffer fir de Biomethan ze iwwerschaffen.

Am Kader vun der nationaler Biogasstrategie ass et virgesinn nei Tariffer fir Neianlagen, e Residualtarif fir Aalanlagen an och e Güllebonus fir Biomethananlagen anzeféieren. Doriwwer eraus ass et och geplangt de Biomethananlagen no dem Enn vun hirem Kontrakt d'Méiglechkeet vun enger Erneuerung ze ginn.

Wéi an der Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°7678 vum éierewäerten Deputéierte Fred Keup erkläert si vum Wirtschaftsministère speziell Hëllef fir Biomethananlage virgesi gi fir am Joer 2023 d'Hausse vun de Stroum- a Biomasskäschten ofzefiederden. Doriwwer eraus gëtt aktuell mam Wirtschaftsministère gekuckt fir dësen Anlagen och réckwierkend fir d'Joer 2022 ze hëllefen.

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie